

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C.C.P. 313 24
Boîte Postale 2415
1024 Luxembourg-Gare

Luxembourg, le 15 November 1995

Zirkulär un all Sekziounen

Léif Comitesmëmbere,

Als Ofschloss-Feier vum 50sten Anniversaire vum Enn vum Krich, organiséiert d'Amerikanesch Ambassade zesummen mat der Regierung e groussen Rassemblement um

Amerikanesche Kiirfecht zu HAMM.

e Freideg, den 8ten Dezember um halwer drei (2h30)

Dëss Zeremonie ass virum Graf vum General George S. PATTON Jr.

Mir enrôlés de force wësse wat mir den Amerikaner schölleg sin, nët nëmmen fir d'Befreiung vun onser Heemecht, mä och fir ons Befreiung aus de Krallen vum Nazi-Regim.

Dëss Dankbarkeet musse mir **duerch ons Präsenz e Freideg, den 8ten Dezember um Hammer Kiirfecht beweisen.**

→ **All ons Fendelen mussen do présent sin.**

All ons Sekziounen mussen mat starken Delegatiounen vertrauede sin.

Den Zentrall-Comité zielt op Iech, dass mir, d'enrôlés de force, bei dëser Gelegenheit den unwiesenden Autoriteiten wéi,ënner aneren :

Dem Grand-Duc Jean
De Regierungsvertrieder
Der Famill vum General George S. PATTON Jr.
Den Allieierten Ambassadeuren
Den Hégen Amerikaneschen Autoriteiten
De Familjen vun de gefälene Amerikaner an och onsen ongléckleche Kommeroden
Der Weltöffentlichkeet (duerch d'International Press an d'Amerikanesch Televisiounen)

beweisen dat et kéng eidel Wieder sin, wa mir soen :

"MIR VERGIESSEN SIE NET"

Léif Comitesmëmbere, organiséiert an invitéiert an ärer Sekzioun är stark Delegatioun an dann, wéi ëmmer, bis den 8ten Dezember.

Fir den Zentralcomité


J. WEIRICH
President

P.S. Sätzplätzen sin do fir mei wéi 500 Leit.